LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Plan de développement de l'établissement scolaire

Période 2018-2021

Formulaire pour la phase d'approbation

pds
Plan de développement
de l'établissement scolaire
Enseignement fondamental

Nom de l'école:

Nonnewisen

Coordonnées:

Place Adeline Pellegrino

L-4272 Esch-Alzette

Formulaire pour la phase d'approbation du PDS

Etat des Lieux

Informations sur l'établissement de l'état des lieux

Op Base vun deenen 4 Bestand-Opnamen aus all Cycle, huet den Comité zesummen mam Sam Winandy (I-DS) den 29.11.2017 en "Braindomping" mam Comité zu deenen 6 Piliers (Apprentissages, EBS, Appui, Parents, TIC, SEA) vum PDS gemaach.

Duerno huet d'Sam dem Comité en Dokument ginn wou all IDS'en zesummen ausgeschafft hunn, wou drop steet wat een ënnert deenen 6 verschiddenen Piliers versteet. Dëst Dokument huet all Comité-Member a säin Cycle matgeholl an huet dëst an enger Cyclesversammlung beschwat.

Zum Schluss huet de Comité eng Syntheese vun der Bestandsopnam vun all Cycle gemaach.

- Tableau en Annexe (1)

Wärend dëser Syntheese ass och Gespréich opkomm, dass der Schoul hiert Konzept net nobaussen siichtbar ass. All eenzel Cycle huet seitdeem d'Schoul opgaangen ass (2011) e Konzept ausgeschafft an dëst muss onbedéngt nobaussen opgemaach ginn. Dëst fir d'Enseignants, déi an eis Schoul schaffe wëlle kommen, mee och fir Elteren an Schüler.

D'Syntheese, déi vum Comité ausgeschafft ginn ass, huet all Enseignant gemailt kritt an sollt an enger Cycleversammlung beschwat ginn. De Comité huet sech zesummen mat all Coordinateurs de Cycle den 23.1.2018 eng nächst Kéier getraff a bis dohin sollt all Cycle sech Gedanken iwwert des Syntheese gemaach hunn an eventuell Ännerungen dem Comité matdeelen. Ännerungsvirschléi sinn aus dem Cycle 3, den 8.1.2018 komm (c.f. en Annexe 2)

Constats issus des 6 domaines en bref

Amélioration des apprentissages et de l'enseignement	**Positiv** • Intercycle-Dag: E mol am Joer fënnt den Intercyle-Dag statt, bei deem d'Kanner vum C1-C4 gemëscht sinn an zu engem Thema, verschidden Aktivitéiten preparéiert ginn. • Austausch am Team: An den Nonnewisen besteet een Cycle aus engem eenzegen Enseignant-Team, deen sech reegelméisseg gesäit. Doduerch kommen vill verschidden Ideen zesummen. • Cycleaarbescht: Doduerch dat an all Grupp-Klass Kanner aus 2 Schouljoer sinn, kënnen d'Schüler vill vun eneen léieren

	• Kleng Grupp de travail: Doduerch dat all d'Enseignants vun engem Cycle zesummeschaffen, kënnen oft kleng Grupp de travail zu verschidden Thema ugebuede ginn **Negativ** • Grousst Team/ Cycle méi grouss wéi 5 Leit: D'Kommunikatioun ass schwiereg. Vill Ideen a Meenungen kommen zesummen an heiansdo ass et schwiereg e Konsens ze fannen. • Team: am Team schaffen huet och seng Nodeeler: et muss een kompromëssbereet sinn, an virun allem an eng gemeinsam Richtung zeien, wat leider net ëmmer de Fall ass. • Roude Fuedem : Et besteet nach net an all Cycle en roudem Fuedem, wouduerch d'Schaffen am Cycle méi schwiereg ass. • grouss Heterogenitéit an engem Grupp innerhalb vun engem Cycle:doduerch dat 2 Joergäng an enger Klass sinn, ass d'Schéier tëscht Schwaachen a Staarken Schüler nach méi grouss, wat d'Schoulhalen verschwéiert. **Froen, déi sech gestallt gi sinn:** • roude Fuedem duerch all Cycle? Hei gëtt eng gemeinsam Léiermethod besser fonnt wéi en gemeinsamt Material. • Definitioun Cycleaarbescht: Et wier vun Fierdeel fir Elteren, Schüler a Léierpersonal, wann all Cycle resp. d'Schoul hier Cycleaarbescht géif definéieren. • Reegelméisseg gemeinsam Aktivitéiten
Organisation de l'appui pédagogique	**Positiv** • Méiglech wéinst Intervenant wärend der Schoulzäit • Enseignement direkt • Integréiert an de Schoulstonnen • Eenzelbetreiung selon besoin **Negativ** • Organisatioun ausserhalb vun den Schoulstonnen schwiereg (MR, Foyer) • Kommunikatioun tëscht den Enseignants an deem wou Appui hëlt • Am Appui muss oft ze vill opgefaange ginn

Encadrement des EBS/EBP	**Positiv** • Teamteaching: Duerch d'Schaffen am Team kënnen EBS Kanner besser opgefaange ginn. **Negativ** • Mangel u Personal fir d'Schüler ze testen an ze betreien • Vill administrativ Aarbecht fir Kanner ze mëllen **Froen, déi sech gestallt ginn:** • Spezifesch Formatioun fir d'Enseignants?
Coopération et communication avec les parents d'élèves	**Positiv** • Participatioun beim Chartafest • Elteren ginn fir eis Fester agebonnen, et gëtt zesumme geplangt **Negativ** • Kommunikatioun mat all den Elteren (oft just fir de Bilan) **Froen, déi sech gestallt ginn:** • Ideen vun den Elteren froen a beim Plangen berécksiichtegen • Nach méi gemeinsam Aktivitéiten?
Intégration des TIC	**Positiv** • Antolin • Beamer **Negativ** • Mangel u Material: IPad **Froen, déi sech gestallt ginn:** • Formatiounen maachen fir mat den IPads ze schaffen
Coopération avec l'éducation non formelle	**Positiv** • Austausch wann et drëms geet engem Kand ze hëllefen

- Austausch vun Informatiounen mat der Maison Relais (Cycle 1)

Negativ

- Austausch mat der Maison Relais (C2-C4)
- Plangen vun gemeinsamen Projeten, duerch verschidden Schaffzäiten
- Maison Relais huet aner Reegelen wéi d'Schoul à Konfusioun fir d'Kanner

Froen, déi sech gestallt ginn:

- Ëmmer méi Kanner ginn an en Foyer de jour an net an d'Maison Relais. Wisou?
- Wéieng aner Foyer de Jour ginn et no bei eiser Schoul? Kontakter?
- Gemeinsamen Plang ausschaffen fir en reegelméissegen Austausch mat der Maison Relais?
- Däerfen d'Hausaufgaben an der Maison Relais gemaach ginn?

Principaux constats *(forces, faiblesses, conclusions)* issus de l'état des lieux

An enger Reunioun, vum 6.2.2018, tëscht dem Comité, den Coordinateure de Cycles an dem Samantha Winandy ass den États des Lieu als Basis genotzt ginn fir der Schoul hier wichtegst Handlungsfelder prioritär eraus ze schielen.

Mir hunn d Methode „How/Wow/Now/Ciao" fir d'Analyse vun dem États des Lieu benotzt. All Punkt den sech am „How" erëmfonnt huet ass en méiglechen Deel fir den PDS. Aus dësen Punkten hunn sech 6 wichteg Handlungsfelder fir den PDS eraus kristalliséiert, déi an enger nächster Etapp vun all den Enseignanten gewiicht ginn ass.

Déi 6 Handlungsfelder déi ausgeschafft gi sinn:

1) **Maison Relais**

D'Amelioratioun vum Austausch tëscht der Schoul an der Maison Relais zu den folgenden Punkten:

- Aktivitéiten:
  - Eng besser Kommunikatioun iwwert gemeinsam Aktivitéiten
  - Eng besser Kommunikatioun iwwert d'Aktivitéiten an Projeten vun der Maison Relais

- Eng Besserung vun der Kommunikatioun iwwert Datumer vun Aktivitéiten, déi den Planning vun der Maison Relais kéinten beaflossen.

- Reegelen:
  - Reegelen matdeelen, fir en bessert Verständnis
  - Onstëmmegkeeten iwwer Reegelen kommunizéieren
  - Eventuell gemeinsam Reegelen créeiren

2) Material Tic

Amelioratioun vum informateschem Material:

- Ipads:
  - D'Ipads existéieren am Moment, sinn awer nach net zu Honnert Prozent funktiounsfäeg.
- Internetsäit:
  - Design vun der Internetsäit vun der Schoul verbesseren.
  - Cycle 1-4 : Integratioun als didaktescht Material am Cycle.
  - Cycle 2-4 : Notzungsméiglechkeeten vun dëser Säit duerch Formatiounen/ Austausch (mam Cycle1) entwéckelen.
  - Cycle 1 : Notzungsméiglechkeeten duerch eventuell Formatiounen ausbauen.
- Programmer :
  - Integratioun vun Programmer am schouleschen Alldag
- Programmer -> Antonil, a.s.w...
- Formatioun: Ipad

3) Appui pédagogique

- Organisatioun vum Appui:

° Accessibilitéit fir all Kanner.

° No der Schoul -> Schwieregkeeten mat Maison Relais, Foyer de jour & Elteren

- Appui als Enseignement direct

4) Cycleaarbescht

° Klengen "groupe de travail"

° Austausch → Cycle zu Cycle & am Cycle

° Reegelméisseg gemeinsam Aktivitéiten am Cycle

° Intercycle

5) Elterenaarbecht

° Gemeinsam Projeten

° Fester zesummen plangen

° Gemeinsam Aktivitéiten

° Ideen vun den Elteren froen

6) Kreatioun vun engem Schoulkonzept/ Identitéit no baussen siichtbar maachen:

- Rouden Fuedem:

° En rouden Fuedem tëscht den Cyclen, wat vereenzelt didaktescht Material ugeet ze fannen.

- Kommunikatioun mat externen Partner verbësseren
- Konkret Festleeung wéi d'Zesummenaarbecht tëscht der Schoul an den verschiddenen Partner (Maison Relais, Foyer de jour, Elteren,.) stattfënnt.

- Cycleaarbescht

° Definitioun:

Verschrëftlechung wéi d'Cycleaarbescht an de Nonnewisen konkret ëmgesaat gëtt .

° Aarbecht an der Equipe pédagogique:

Wéi d'Zesummenaarbecht tëscht den Enseignanten an den Cyclen funktionéiert.

Organisatioun an d'Planung vun den Coursen.

° Kommunikatioun ënnerhalb der Schoul

1. Comité des Enseignants
2. Reegelméissegen Austausch tëscht den Cyclen iwwer d'Kanner
3. Journée Intercercle
4. Formatioun continue
5. Weiderleedung un all Cyclen vun den Rapporten de Cycle.

6. Existéierend Material (vun der Bibliothéik, den Cyclen an TIC) repertoriéieren an katalogiséieren)

Priorités retenues pour le développement scolaire

No der Gewiichtung vun den Enseignants schielen sech folgend Prioritéiten fir den PDS eraus:

1. Mat der Majoritéit vun den Stëmmen (35):

➔ D'Kreatioun vum Schoulkonzept

2. Op der zweeter Platz (22):

➔ D' Organisatioun vum Appui

3. An mat engem groussen Ofstand zu den éischten Zwee:

➔ d'Cycleaarbescht (6), d'Elterenaarbescht (5), d'Material TIC (4) an Maison Relais (2)

PDS

→ *facultatif*

La vision, les lignes conductrices de l'école (Leitbild, …)

Nach dëst Trimester wëll d'Schoul sech e Leitbild ginn. Mer maachen dëst zesummen mat eiser ID-S dem Samantha Winandy.

L'/les objectif(s) retenu(s) et formulé(s) pour le PDS et les sous-objectifs formulés contribuant à l'atteinte de l'/des objectif(s) PDS

Ziel : D'Schoul Nonnewisen engagéiert sech aktiv mat all den Acteuren vun der Schoulgemeinschaft hirt Schoulkonzept weider auszeschaffen a siichtbar ze maachen.

Teilziele : Bis zum 15.7.2018 setzt all eenzele Cycle ee Konzept iwwert hir Cycleaarbecht mat Berécksiichtegung vun der Organisatioun vum Appui op d'Been.

Bis zum 15.7.2019 engagéiert sech d'Schoul Nonnewisen un hirem Internet-Site ze feilen a reegelméisseg à jour ze setzen.

Bis zum 15.7.2021 feilt d'Schoul Nonnewisen weiderhin un engem Modell zur Amélioratioun vun der interner Kommunikatioun fir de Besoin vum Schoulpersonal an de Kanner gerecht ze ginn.

D'Schoul Nonnewisen setzt sech an hir Schoulgemeinschaft aktiv um d'Schoulgeschehen mat anzebannen an erstellt heifir bis zum 15.7.2021 ee Konzept op Been, fir déi extern Kommunikatioun ze promouvéieren.

Maβnahmen

1) Cycle-Aarbecht : all Cycle hält kuerz a knackeg fest, wéi am Cycle zesumme geschafft gëtt, esou dat et fir en Aussestoenden ersiichtlech ass.
2) Organisatioun vum Appui innerhalb vun deenen eenzelen Cyclen, a Relatioun mat deem, wat an der Cycle - Aarbecht ausgeschafft gëtt
3) Intern Kommunikatioun (Ideen zur interner Kommunikatioun)
4) Extern Kommunikatioun (Ideen zur externer Kommunikatioun)
5) D'Organisatioun vun der Visibilitéit vun eisem Schoul Site
6) D'Charta lieweg maachen (ë.a. Organisatioun vun eisem Chartadag)

…

Grandes lignes de la mise en œuvre du PDS

1. Cycle-Aarbecht : all Cycle hält kuerz a knackeg fest, wéi am Cycle zesumme geschafft gëtt, esou dat et fir en Aussestoenden ersiichtlech ass.
2. Organisatioun vum Appui innerhalb vun deenen eenzelen Cyclen, a Relatioun mat deem, wat an der Cycle - Aarbecht ausgeschafft gëtt
3. Intern Kommunikatioun (Ideen zur interner Kommunikatioun)
4. Extern Kommunikatioun (Ideen zur externer Kommunikatioun)
5. D'Organisatioun vun der Visibilitéit vun eisem Schoul Site
6. D'Charta lieweg maachen (ë.a. Organisatioun vun eisem Chartadag)
7. **…**

→ *facultatif*

Thèmes & Activités en dehors du PDS

Thèmes et activités à consolider/maintenir au niveau du développement de l'école

Approbation en plénière

Date de la plénière :	25.04.18	
PDS approuvé par le personnel enseignant et éducatif :	☒ Oui	☐ Non
Pour le personnel enseignant et éducatif (nom du président du comité d'école) :	SCIAMANNA Stefania 	
Signature :		

A défaut de majorité requise lors du premier vote :

Date de la deuxième plénière :		
PDS approuvé par le personnel enseignant et éducatif :	☐ Oui	☐ Non
Nombre de participants / nombre total		
Votes pour / contre		
Pour le personnel enseignant et éducatif (nom du président du comité d'école) :		
Signature :		